



## **Formatioun fir d'Chef/tainë vun de Branchenunitéiten**

### 1. Opbau vun der Formatioun

- D'Formatioun fir d'Chef/tainë vun de Branchenunitéite besteet aus 2 Zyklen:
  - den éischte preparéiert op d'Functioun als Assistent/in,
  - den zweete preparéiert op d'Functioun als Branchechef/taine.
- A jidder Zyklus huet d'Formatioun 3 Deeler:
  - a) de Cheftraining, d.h. d'Matmaachen un engem Formatiouscamp an/oder – weekender an /oder- Deeg an/oder- Owender.
  - b) de praktesche Stage, d.h. eng normal aktiv Mataarbecht an der Chefequipe vun der eegener Unitéit mat engem schrëftleche Rapport;
  - c) d'Benotze vun enger Dokumentatioun.
- Um Enn vun all Zyklus kann een eng entsprechend Ernennung ufroen (cf Reglement N° 9 iwwer d'Chefernennungen).
- D'Formatioun fänkt obligatoresch mam Cheftraining un.
- All Deel vun enger Formatiou muss spëtstens 2 Joer no der éischer Formatiousaktivitéit ofgeschloss sinn.
- Grondsätzlech muss een deen een Zyklus ofgeschloss hunn, ier een zu dem nächsten zougeloss gëtt.

### 2. Formatiou vum 1. Zyklus (STIP: Stage d'initiation pratique)

#### 2.1. Conditione fir d'Formatiou unzefänken:

- Op d'mannst 17 Joer al sinn op dem 31. Dezember vun deem Guide/Scoutsjoer, wou een d'Formatiou ufänkt.
- De Wëllen an d'Méiglechkeet hunn, seng Formatiou fir d'Ernennung bannent 2 Joer ofzeschléissen.
- Vum GC/GC adj als Chefkandidat ugeholl sinn.

#### 2.2. Umeldung fir d'Formatiou

- Fir déi éischt Formatiousaktivitéit meldt de/d'Kandidat/in sech mam offizielle Formulaire un.
- De Formulaire gëtt vun dem/der Kandidat/in a vun dem/der Gruppchef/taine ënnerschriwwen a spëtstens 2 Woche virum Ufank vun der Formatiou un d'Verbandssekretariat geschéckt, dat se un den zoustännege Branchecommissaire an un de Formatiouscommissaire weiterleeden.
- Fir weider Formatiousaktivitéiten gëtt d'Umeldungsmodalitéit vu Fall zu Fall vun där Equipe, déi d'Formatiou organiséiert, festgeluet.

#### 2.3. Struktur, Oflaf vun der Formatiou

##### a) De Cheftraining besteet aus:

- dem Tronc commun (Troco) vum 1. Zyklus (cf Formatiouskonzept),
- engem Formatiouscamp (Minimum 3 Nuechten) fir déi methodesch-technesch Formatiou. Amplaz vun engem Formatiouscamp kënnen och e puer Weekender mat där entsprechender Formatiouszäit ugebuede ginn,
- engem Weekend fir déi perséinlech a spirituell Formatiou.

##### b) De praktesche Stage besteet aus folgenden Elementer:



- 12 Versammlungen, déi de/d'Stagiärchef/taine matgeholf huet virbereeden an duerchzéien; doranner ass eng gréisser Aktivitéit no der Method abegraff. (Aascht/Komet/Aventure-Expeditioun/Entreprise/Projet),
  - engem schrëftleche Rapport mat Bilan iwwer dës gréisser Aktivitéit, mat Hëllef vun engem Formulaire; dës Bilan kann duerch e Gespréich mat engem Member vun der Branchenequipe kompletéiert ginn,
  - engem Weekend an enger Sortie (oder 2 Weekender) an engem Camp (Minimum 3 Nuechten), déi de/d'Stagiärchef/taine mat sengem/hirem Grupp matgemaach a geholf huet virbereeden.  
Eréischt no der éischter Formatiounsaktivitéit däerf de/d'Stagiärchef/taine de praktesche Stage ufänken.
- c) D'Dokumentatioun, déi de/d'Stagiärchef/taine muss hunn a benotzen, gëtt vun der Branchenequipe a Formatiounsequipe festgeluecht.

### 3. Formatioun vum 2. Zyklus (STAP: Stage d'approfondissement pédagogique)

#### 3.1. Conditione fir d'Formatioun unzeänken

- Fir zu enger Formatioun vum zweeten Zyklus zougelooss ze ginn, muss een eng Ernennung als Assistent/in hunn.
- An engem extrae Reglement gëtt festgeluecht, wéi eng aner Formatiounen als gläichwäerteg unerkannt kënne ginn.

#### 3.2. Umeldung fir d'Formatioun

- De/D'Kandidat/in meldt sech mam Formulaire un, deen dofir virgesinn ass.
- De Formulaire gëtt vun dem/der Kandidat/in a vun dem/der Gruppchef/taine ënnerschriwwen an iwwer d'Verbandssekretariat un den zoustännege Branchecommissaire geschéckt.

#### 3.3. Struktur, Oflaf vun der Formatioun

##### a) De Cheftraining besteet:

- aus engem Formatiounscamp (min. 3 Nuechten).

##### b) De praktesche Stage

gëtt am eegene Grupp gemaach a besteet aus enger Aktivitéit, bei där e Verrieder vun der Branchenequipe derbäi ass a mat dem/der Kandidat/in ee gemeinsame Bilan mécht. De Programm vun dëser Aktivitéit gëtt am viraus un d'Branchenequipe geschéckt.

Eréischt nom Cheftraining däerf de/d'Chef/taine de praktesche Stage maachen.

##### c) Dokumentatioun

D'Benotze vun enger Dokumentatioun zur Branchemethod, déi vun der Branchenequipe festgeluecht gëtt.

### 4. Organisatioun vun der Formatioun

#### 4.1. Leedung vun der Formatioun

Verantwortlech fir d'Formatioun vun de Chef/tainë vun de Branchenequipten sinn de Branchecommissaire, de Formatiounscommissaire oder den Aumônier fir déi betreffend Formatiounsmoduler.

Op der Formatioun muss ee Formateur präsent sinn, deen de « Brevet Animateur F » huet.

#### 4.2. Stagiärchef/tainen

- Stagiärchef/tainë sinn déi Membere vun de Chefequipten, déi op d'mannst eng Formatiounsaktivitéit matgemaach hunn an nach keng Ernennung hunn.
- Jidder Kandidat/in kritt op der éischter Formatiounsaktivitéit, déi hie/si matmécht, vum zoustännege Commissaire oder Aumônier seng/hir Formatiounskaart. Doranner ginn all Deeler vun der Formatioun agedroen.



#### 4.3. Ausnahmen

- Den zoustännege Branchecommissaire kann, mam Accord vum Formatiounscommissaire, engem/enger Chef/taine ausnahmsweis ee besonnesche Formatiounsprogramm zesummestellen.
- Fir eng Ernennung als Chef/taine an enger Gamma-Unitéit ze kréien muss een nieft der branchespezifischer Chefformatioun nach eng speziell Gammaformatioun ofgeschloss hunn.
- D'Chef/tainen hunn d'Méiglechkeet, eng Formatioun vun aneren Organisatiounen deelweis unerkannt ze kréien (Reglementer 10,11,12)

#### 4.4. Schlussbestëmmungen

- Bei onkloren Situatiounen, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, entscheet de Formatiounscommissaire no Récksprooch mam Branchecommissaire.
- Dëst Reglement ersetzt d'Reglement N° 8 vum 01.07.2009.